

Liicht Sprooch Lëtzebuergesch

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch



Inhaltsverzeechnes

1. Aleedung	5
2. E puer Iwwerleeungen am Ufank	6
3. D'Reegelen an d'Recommandatioune vun der Liichter Sprooch.....	7
3.1 Opbau	7
3.2 Wierder.....	10
3.2.1 Choix vun de Wierder	10
3.2.2 Zesummegegate Wierder.....	15
3.2.3 Eendeitegkeet	16
3.2.4 Synonymmen.....	17
3.2.5 Ofkierzungen	19
3.2.6 Akronymmen.....	21
3.2.7 Uried.....	22
3.3 Sätz	23
3.3.1 Sazbau	23
3.3.2 Passiv Sätz a Substantivéierungen.....	27
3.3.3 Conditionnel an Imparfait.....	28
3.3.4 Negatioun	29
3.3.5 Iwwerschrëften	31

3.4 Zuelen.....	33
3.4.1 Allgemeng Remarken zu den Zuelen.....	33
3.4.2 Grouss Zuelen.....	34
3.4.3 Joreszuelen	35
3.4.4 Datumer	36
3.4.5 Auerzäiten	37
3.4.6 Telefonsnummeren a Kontosnummeren.....	37
3.4.7 Prozentzuelen	38
3.5 Extrazeechen.....	38
3.6 Mise en page	39
3.6.1 Allgemeng Bemierkungen.....	39
3.6.2 Säitenzuelen an Inhaltsverzeechnes.....	39
3.6.3 Schrëftaart	40
3.6.4 Schrëftgréisst	40
3.6.5 Ofstänn am Text	41
3.6.6 Schrëftsaz	41
3.6.7 Säitenëmbroch.....	42
3.6.8 Iwwerschrëften.....	42
3.6.9 Abschnitter	43
3.6.10 Zeilen.....	43
3.6.11 Oplëschtungen	44
3.6.12 Fett Ervirhiewungen	45
3.6.13 Faarwen a Kontrast	46
3.6.14 Biller	49
3.6.15 Adressen.....	54

3.6.16 Linken	55
3.6.17 Pabeier	55
3.6.18 Längt vun Texter a Liichter Sprooch.....	56
4. Weider Informatiounen	57
4.1 Logo „Inclusion Europe“	57
4.2 Relektür duerch Préifgruppen.....	58
4.3 Klaro – Zentrum fir Liicht Sprooch an accessibel Kommunikatioun	59
4.4 Akzent – Zenter fir accessibel Kommunikatioun	59
4.5 Ënnerscheid Liicht Sprooch – Einfach Sprooch	60
4.6 Digital Accessibilitéit am Secteur public.....	60
4.7 E klengen Denkestouss.....	61
Bibliografie.....	62
Formatioun.....	62
Copyright Fotoen an Illustratiounen	63
Impressum.....	64

1. Aleedung

D'Liicht Sprooch Lëtzebuergesch ass eng ganz einfach Versioun vun der Lëtzebuergescher Sprooch. Se riicht sech am Allgemengen u Persounen mat Liesproblemer. Dozou gehéiere Leit mat enger intellektueller Beanträchtegung, enger Demenz, enger Aphasie oder enger Héier- respektiv enger Séibeanträchtegung. Liicht Sprooch stellt awer och fir eeler Leit, funktional Analphabeten, Ufänger an der Sprooch a Persounen mat spezifesch Besoinen, ewéi zum Beispill Legastheniker, eng grouss Hëllef duer. Esouguer Leit ouni gréisser Liesproblemer profitéieren vun der Liichter Sprooch, well se et erméiglecht, d'Hauptinformatiounen vun engem Text ouni gréisser Ustrengung an a kuerzer Zäit ze erfassen.

D'Liicht Sprooch huet als Zil, kommunikativ Barriären ofzebauen a relevant Informatiounen fir jiddereen accessibel ze maachen. Esou erlaabt se all Bierger, sech autonom ze informéieren, selwer Entscheidungen ze huelen an un der Gesellschaft deelzehuelen. D'Liicht Sprooch ass also och e ganz wichtegt Instrument fir Inklusioun.

Déi international Organisatioun **Inclusion Europe** huet am Joer 2009 a Kooperatioun mat Verrieder aus Däitschland, Éisträich, Finnland, Frankräich, Irland, Litauen, Portugal a Schottland e Reegelwierk fir Liicht Sprooch erausginn. Dëst Reegelwierk gëtt et méttlerweil fir vill verschidde Sproochen. Och zu Lëtzebuerg ass d'Nofro no Texter a Liichter Sprooch an de leschte Jore massiv geklomm, an dat an den dräi offizielle Sproochen vum Land. Well et bis haut nach keng spezifesch Reegele fir d'Lëtzebuergescher Liicht Sprooch gëtt a fir d'Accessibilitéit vun Informatiounen fir all d'Bierger ze garantéieren, gouf dës Publikatioun ausgeschafft. D'Auteuren an d'Auteurinnen vu Liichter Sprooch sollen domat eng konkret a liicht verständlech Upak kréien, déi se bei hirer Aarbecht ënnerstëtzt. Wien sech nach méi wëll an d'Thema vun der Liichter Sprooch aschaffen, ka spezialiséiert Formatiounen vum **Klaro**, dem Zentrum fir Liicht Sprooch an accessibel Kommunikatioun, besichen.

2. E puer Iwwerleeungen am Ufank

Lëtzebuerg charakteriséiert sech duerch seng Méisproochegkeet. Den 1. Januar 2025 huet de STATEC 180 verschidden Nationalitéiten am Grand-Duché gezielt. Dowéinst ass et wichteg, Texter net nëmmen an der Liichter Sprooch Lëtzebuergesch unzebidden, mee och an deenen zwou aneren offizielle Sprooche vum Land, also Däitsch a Franséisch. Ofhängeg vum sproochleche Kontext a vun der Zilgrupp kënnen zousätzlech Versiounen, zum Beispill op Portugisesch an op Englesch, ugebuede ginn.

Texter a Liichter Sprooch sollen esou wäit ewéi méiglech un d'Besoine vun der Zilgrupp ugepasst sinn. Dofir soll den Auteur respektiv d'Auteurin sech informéieren, u wien d'Texter sech rüchten. Verschidde Facteure spillen hei eng wichteg Roll, ewéi zum Beispill den Alter vun de Lieser, d'Virwëssen zum Thema, de kulturellen Hannergrond a besonnesch d'Beanträchtegung vum de Lieser, sief et um sproochlechen, um kierperlechen oder um intellektuelle Plang. Wat de Public méi heterogeen ass, wat den Auteur respektiv d'Auteurin méi muss vereinfachen an erklären, fir datt méiglechst jiddereen den Text versteet.

3. D'Reegelen an d'Recommandatioune vun der Liichter Sprooch

En Text a Liichter Sprooch soll esou opgebaut a geschriwwe sinn, datt de Lieser d'Informatiounen séier fënnt an direkt versteet. Déi folgend Reegelen a Recommendatiounen hëllef, Texter a Liichter Sprooch ze schreiwen.


3.1 Opbau

D'Liese stellt fir d'Zilpublikum vun der Liichter Sprooch e groussen Effort duer an dofir mussen d'Texter e kloren Opbau hunn. Et gëtt verschidde Manéieren, fir en Text ze strukturéieren, ofhängeg vun sengem Zweck a vun sengem Genre.


An dësem Kapitel ginn de chronologeschen an de logeschen Opbau exemplaresch virgestallt. De Gebrauch vu Biller (Fotoen, Zeechnungen, Piktogrammen) verdäitlecht den Opbau vum Text a weist, wou déi verschidden Informatiounen stinn.

Beim **chronologeschen** Opbau ginn eenzel Etappen der Rei no beschriwwen. Dës Etappe kënnen nummeréiert sinn, mussen awer net.

D'Bréif-Wal



Dir kräizt 1 Lëscht oder eenzel Kandidaten um Wal-Ziedel un.
Dir dierft **näischt** op de Wal-Ziedel schreiwen!
Soss zielt Är Wal **net!**



Dir diebelt de Wal-Ziedel.
Dir leet de Wal-Ziedel an déi kleng Wal-Envelope.
Déi kleng Wal-Envelope ass brong.
Op der Wal-Envelope steet „Bulletin de vote“.
Dir dierft **näischt** op d'Wal-Envelope schreiwen!
Soss zielt Är Wal **net!**



Dir leet d'Wal-Envelope an déi grouss Enveloppe.
Op der Enveloppe steet schonns d'Nummer vun Ärer Beruffs-Grupp.



Dir geheet déi grouss Enveloppe an eng Bréif-Këscht.
Dat kann zu Lëtzebuerg oder am Ausland sinn.
Dir brauch **keen** Timber.


Beim **logeschen** Opbau ginn d'Informatiounen dem Sënn an der Wichtigkeet no regruppéiert. Alles, wat zesummegehéiert, steet och zesummen am Text.

Aluedung fir d'Europa-Walen e Sonndeg, den 9. Juni 2024

D'Aluedung ass e Bréif.
An deem Bréif steet: **Dir musst wielen.**
D'Gemeng freet Iech, fir Politiker ze wielen.
Dat sinn déi nei Politiker vu Lëtzebuerg am
Europa-Parlament.



D'Europa-Wale sinn e Sonndeg,
den **9. Juni 2024**.



Dir musst **tëschent 8:00 Auer a 14:00 Auer**
wiele goen.
De Wal-Büro ass nëmmen dann op.



Dir wíelt **6 Politiker fir d'Europa-Parlament.**
En anert Wuert fir Europa-Politiker
ass Europa-Deputéiert.



Dir musst mathuelen:
Är Carte d'identité **oder** Äre Rees-Pass.



Äre Wal-Büro:
Dir kritt e Bréif vun der Gemeng.
An deem Bréif ass eng schwaarz Rumm.
An der Rumm stinn **d'Nummer** an **d'Adress**
vun Ärem Walbüro.



Remark:

Wann en Dokument vun der Standardsprooch an d'Liicht Sprooch soll iwwersat ginn, da muss et eventuell ganz nei opgebaut ginn, fir d'Reegelen an d'Recommandatioune vun der Liichter Sprooch ze respektéieren. Et gëtt ofgeroden, Saz fir Saz ze iwwersetzen. Den Auteur respektiv d'Auteurin muss déi relevant Informatiounen aus dem Ausgangstext identifizéieren an dann iwwerleeën, wéi en se op eng verständlech Aart a Weis regruppéiert a presentéiert.

3.2 Wierder

3.2.1 Choix vun de Wierder

- Den Auteur respektiv d'Auteurin muss esou wäit ewéi méiglech e liichte Wuertschatz benotzen. Liicht Wierder erkennt een un dëse Charakteristiken:
 - Se gehéieren zum Grondwuertschatz vun der Sprooch.
Am **Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD)** gëtt et zwou Kategorië mam Grondwuertschatz A1 an A2. Dës Kategorië kënnen beim Choix vun de Wierder hëllefen.
 - Liicht Wierder gi vill am Alldag benotzt.
 - Se ginn an der geschwateer an an der geschriwwener Sprooch gebraucht.
 - Se bestinn aus nëmmen e puer Bausteng, d. h. se hunn en einfachen Opbau.

	
Constructioun	Bau
ëffentlechen Transport	Bus, Zuch an Tram
participéieren	matmaachen
Successioun	Nofolleg, Ierfschaft
Rezensioun	Kritik, Bewäertung

- Fachspezifesch Termen, déi sech net evitéiere loossen, mussen am selwechte Paragraf erkläert ginn. Ganz nätzlech sinn hei och Beispiller an/oder Biller.

Fir kloer ze weisen, wou d'Erklärung ufänkt a wou se ophält, gëtt se liicht erageréckelt. D'Erklärung kann och faarflech hannerluecht oder an eng Rumm gesat ginn.

- D'Erklärung ka **virum** onbekannte Begrëff stoen:

Wat ass den Tiers payant social (TPS)?

Dir verdéngt **net vill** Suen.
Oder Dir hutt **guer keng** Suen.
Dir kënnt **awer** bei den Dokter goen.
Dir musst den Dokter **net selwer** bezuelen.

Dir gitt bei den **Office social**.
Dat ass e Büro.
D'Adress ass:

90a, rue de Strasbourg
L-2560 Lëtzebuerg

Dir frot:
Bezilt d'Kranke-Keess mäin Dokter?
Wann d'Kranke-Keess den Dokter bezilt,
da kritt Dir en Ziedel fir den Dokter.
Dir kënnt e puermol mam Ziedel
bei den Dokter goen.
An Dir braucht d'Rechnung **net** ze bezuelen.

Dës Hëllef heescht op Franséisch:
„Tiers payant social“ (TPS).

- D'Erklärung kann awer och **hanner** dem onbekannte Begrëff stoen:

Dir maacht eng Demande fir eng **berufflech Rehabilitatioun**.
Berufflech Rehabilitatioun hëlleft Leit.

Zum Beispill:

Eng Persoun schafft als Gäertner.
Dës Persoun hat e schwéiert Accident.
Si kann **net** méi gutt goen.
Dës Persoun kann **net méi** als Gäertner schaffen.
Dës Persoun léiert elo en anere Beruff.
Dat nennt ee **berufflech Rehabilitatioun**.

- Och Friemwierder, déi sech net evitéiere loossen, mussen am selwechte Paragraf erkläert ginn. Et kann nëtzlech sinn, d'Aussprooch ze weisen an ze preziséieren, aus wéi enger Sprooch dës Wierder kommen.

Dir kënnt den Text am Internet **downloaden**.

Downloaden ass en englescht Wuert.

D'Wuert gëtt esou ausgeschwat: daunlouden.

D'Wuert bedeit: eroflueden.

Dir huelt eppes aus dem Internet op Ären Apparat erof.

Zum Beispill:

- e Spill
- e Bild
- e Lidd.

Dat kënnt op Äre Computer, Ären Handy oder Ären Tablet.
Et ass elo do gespäichert.

Mir hunn e **Workshop** gemaach.

Workshop ass en englescht Wuert.

D'Wuert gëtt esou ausgeschwat: Uörkschopp.

E Workshop ass ewéi e Cours.

Et léiert een eppes zesummen.

Zum Beispill:

- Danzen
- Theater
- Sproochen
- Kachen.

- E Glossär mat Erklärungen a Liichter Sprooch kann um Enn vun engem Text stoen. E riicht sech an éischer Linn u Professioneller, déi mam Zilpublikum schaffen a schwéier Wieder wëllen erklären. Wieder, déi am Glossär stinn, sollen am Text faarweg geschriwwe ginn.

Musst Dir wielen?

Wielen ass bei de Sozial-Wale **fräiwëlleg**.

Dat gëllt fir d'**Chambre des salariés**

a fir d'**Personal-Delegatioun**.

Dir kënnt wielen.

Dir musst awer **net** wielen.

Et ass awer **ganz wichteg**, datt Dir wielt.

Et ass och wichteg, datt Dir Är Meenung sot.

Esou kënnt Dir mat-entscheiden an eppes änneren.



Well d'Delegiert setzen sech fir Är Rechter als Aarbechter an.

Source: Sozial-Wahlen in Luxemburg

- E Glossär gëtt siele vun de Lieser vun der Liichter Sprooch benotzt. Se riskéieren, sech am Text ze verléieren, wann se mussen tëschent dem Glossär an dem Text hin- an hiersprangen. Fir si ass et wichteg, datt d'Erklärung no beim schwéiere Wuert steet. Aus deem selwechte Grond soll och op Foussnotte verzicht ginn.
- An de Beispillssätz soll ee keng fiktiv Nimm nennen, mee éischer allgemeng Formuléierungen ewéi **eng Persoun**, **en Aarbechter** oder **en Employé**.
 - ✘ Den Här Schmit schafft als Gäertner.
 - ✔ Eng Persoun schafft als Gäertner.
- Wieder, déi vum Sënn hier keng Plus-value duerstellen, soll een evitéieren. Dat si Wieder ewéi **am Fong**, **eeben**, **eigentlech**, **mol**, **quasi**, **roueg**, **souzesoen a wuel**.
 - ✘ Dat funktionéiert eeben net.
 - ✔ Dat funktionéiert net.
 - ✘ Dat mécht am Fong keen Ënnerscheid.
 - ✔ Dat mécht keen Ënnerscheid.

3.2.2 Zesummegegate Wieder

- Zesummegegate Substantive si schwéier ze liesen. Dofir kënnen se mat engem Bindestréch an hir eenzel Bestanddeeler zerluecht ginn. D'Préiflieser decidéiere vu Fall zu Fall, ob d'Wuert muss zerluecht ginn oder net.



	
Kannerdoktesch	Kanner-Doktesch
Schoulvakanz	Schoul-Vakanz
Stroosseschëld	Stroosse-Schëld
Mataarbechter	Mat-Aarbechter
Urenkel	Ur-Enkel

Remark 1:

Hanner dem Bindestréch ginn d'Substantive groussgeschriwwen.

Remark 2:

Wann een zesummegegate Substantive mam Bindestréch trennt, muss d'Bedeutung vum Wuert erhale bleiwen. Déi follgend Beispiller weisen, datt duerch d'Trennung d'Wuert eventuell net méi richtig verstan gëtt. An esou Fäll soll net getrennt ginn.

	
Ver-Kéier	Verkéier
Äerd-Bier	Äerdbier

- Och aner Wuertkategorien ewéi Adjektiven, Adverben, Partikelen a Verbe kënnen mat engem Bindestréch getrennt ginn, wann se doduerch méi liicht ze liese sinn.

	
duerchsiichteg	duerch-siichteg
hellblo	hell-blo
olivegréng	olive-gréng
bannendran	bannen-dran
futtillaachen	futti-laachen
krankschreiwien	krank-schreiwien

Remark:

Zesummegegate Wieder sollen net um Enn vun enger Zeil oder vun enger Säit getrennt ginn.

3.2.3 Eendeitegkeet

- Wann e Wuert net geleeft ass an och nach e puer Bedeitungen huet, da muss et am Text erkläert ginn.

- ✔ 5 **Mineure** si beim Accident gestuerwen.

Hei bedeit Mineur: Aarbechter.

E Mineur schafft an de Minnen.

Minne sinn Tunnellen.

De Mineur sicht am Tunnel no Steng mat Eisen.

- ✓ **Mineuren** däerfen **net** wíele goen.

E Mineur huet manner ewéi 18 Joer.

- Erklärunge sinn net néideg, wann d'Wuert ganz geleefteg ass a wann de Kontext weist, wéi eng Bedeitung gemengt ass.

- ✓ Ech stelle mäin Auto an d'**Garage**.

- ✓ Mir kafen en neien Auto an der **Garage**.

- ✓ De Grand-Duc wunnt an engem **Schlass**.

- ✓ De Schlëssel stécht am **Schlass**.

- Metapheren, d. h. bildlech Expressiounen, soll een evitéieren, well de Lieser se eventuell wuertwíertlech kéint verstoen. Dat selwecht géllt fir Ironie a Sarkasmus.

- ✗ Mir sëtzen all am selwechte Boot.

- ✓ Mir sinn all an där selwechter Situatioun.

- ✗ D'Leit stinn an der Schlaang.

- ✓ D'Leit stinn hanner-eneen an enger Rei.

3.2.4 Synonymmen

- Synonymme sollen evitéiert ginn. Am ganzen Text soll ëmmer dat selwecht Wuert fir déi selwecht Saach benotzt ginn. Dat méi geleefteg Wuert huet Prioritéit. Dat géllt esouwuel fir d'Substantiven ewéi och fir d'Adjektiven, d'Verben an d'Konjunktiounen.

- ✗ D'Chamber-Wale sinn all 5 Joer.
D'Parlaments-Wale sinn am Oktober.

- ✓ D'Chamber-Wale sinn all 5 Joer.
D'Chamber-Wale sinn am Oktober.

Remark:

Am Ufank vum Text kann ee soen, datt et fir déi selwecht Saach eventuell méi Wierder gëtt. Da leet een awer fest, wéi eent vun dese Wierder am Text benotzt gëtt.

- ✓ Et gëtt 3 Nimm fir Chamber-Walen.
Et kann ee soen:

- Chamber-Walen
- Parlaments-Walen
- National-Walen.

An deem Text steet ëmmer Chamber-Walen.

- Dat selwecht Wuert däerf e puermol am Text widderholl ginn, fir Zweedeitegkeeten ze evitéieren. Dëst ass besonnesch wichteg, wann duerch de Gebrauch vun engem Pronomen net kloer wier, wien oder wat gemengt ass.

- ✗ De Minister weit den neien Zenter an.
E steet bei der Kierch.

- ✓ De Minister weit den neien Zenter an.
Den Zenter steet bei der Kierch.


- ✗ D'Eltere gi mat de Kanner op d'Spill-Plaz.
Si ginn op d'Klunsch.



- ✓ D'Eltere gi mat de Kanner op d'Spill-Plaz.
D'Kanner ginn op d'Klunsch.

- Et soll een esou mann ewéi méiglech op Pronomen zeréckgräifen. Pronomen däerfen nëmme benotzt ginn, wann e Wuert dacks am Text virkënnt a wann de Lien tëschent dem Pronomen an dem ersate Wuert eenditeg ass.
 - ✓ D'Infoe stinn op eisem Site.
Se sinn a Liichter Sprooch geschriwwen.
 - ✓ Mir hunn eng Versammlung mat der Schoul-Presidentin.
Si heescht Catherine Meyer.
 - ✓ D'Kanner huelen hire Schoul-Sak.
Se ginn op de Bus-Arrêt.
 - ✓ De Jang Wagner wunnt an der Stad.
Hie schafft op der Gemeng.
- De schwache Personalpronomen **en** an den onbestëmten Artikel **en** sollen net direkt hannerenee stoen. De schwache Pronome soll dann duerch de starke Pronomen **hien** ersat ginn.
 - ✗ Mengem Noper säi Vëlo ass futti.
Elo keeft en en neie Vëlo.
 - ✓ Mengem Noper säi Vëlo ass futti.
Elo keeft hien en neie Vëlo.

3.2.5 Ofkierzungen




- Et kann een net dervun ausgoen, datt e Lieser vun der Liichter Sprooch d'Bedeutung vun den Ofkierzunge kennt. Dofir soll een d'Wierder prinzipiell ëmmer ausschreiwen.



	
asw.	an esou weider
d. h.	dat heescht
ë. a.	ënner anerem
evtl.	eventuell
Nr.	Nummer
S.	Säit
Tel.	Telefon
z. B.	zum Beispill

Ausnam 1:

D'Ofkierzunge vun de geleeftge Moosseenheeten d'äerfe benotzt ginn, se sollen awer am Ufank vum Text erkläert ginn.



-  Fir **Zentimeter** schreiwe mer: **cm**
-  Fir **Liter** schreiwe mer: **l**
-  Fir **Gramm** schreiwe mer: **g**

Ausnam 2:

D'Eurozeechen € ass allgemeng bekannt a brauch net erkläert ze ginn.

3.2.6 Akronymmen

- Akronymme si Kuerzwierder, déi aus den Ufanksbuschtawe vu méi Wierder bestinn. Akronymmen däerfe benotzt ginn, wann se ganz geleefteg sinn.

	
Société nationale des chemins de fer luxembourgeois	CFL
Radio Télévision Luxembourg	RTL
Weltmeeschterschaft	WM

- Akronymmen, déi de Lieser eventuell net kennt, sollen am Text erkläert ginn.
 - ✓ Eng DVD ass en Disk mat Filmer drop.
 - ✓ Ech schécken eng SMS mam Handy.
Eng SMS ass eng kuerz Noriicht.
- Jee no Akronym kann een zousätzlech uginn, fir wéi eng Wierder déi eenzel Buschtawe stinn. An dësem Fall schreift een d'Ufanksbuschtawe vun den ausgeschriwwene Wierder fett.
 - ✓ **ZLS** bedeit **Z**enter fir d'**L**ëtzebuergesche **S**prooch.
Den ZLS huet vill Aufgaben.
Den ZLS schreift d'Reegele vun der Lëtzebuergesche Sprooch op.
Den ZLS schreift Bicher iwwer lëtzebuergesch Wierder.
 - ✓ **KI** bedeit **K**ënschtlech **I**ntelligenz.
D'KI ass e Programm um Computer.
D'KI hëlleft eis.
D'KI ka vill.

Zum Beispill:

- Texter schreiwen
- Froe beäntweren
- Biller erkennen.

3.2.7 Uried

- Wann de Lieser Instruktioune kritt, da soll en direkt ugeschwat ginn. E fillt sech dann éischer concernéiert ewéi bei enger onperséinlecher Formuléierung.
- Am Prinzip gëtt de Lieser gedierzt. Jee no Kontext kann awer och geduuzt ginn.
 - ✗ Et muss een de Wal-Ziedel an d'Wal-Enveloppe stiechen.
 - ✓ Stiecht de Wal-Ziedel an d'Wal-Enveloppe.
 - ✗ Fir bei eis ze kommen, kann een de Bus 812 huelen.
 - ✓ Du wëlls bei eis kommen?
Dann huel de Bus 812.
- Et ass och méiglech, d'Perspektiv vum Lieser anzehuelen an d'„Ech-Form“ ze benotzen.
 - ✗ Soll een en Testament maachen?
Wat soll am Testament stoen?
 - ✓ Soll ech en Testament maachen?
Wat soll ech an d'Testament schreiwen?
 - ✗ D'Wanter-Zäit fänkt am Oktober un.
Et muss een d'Auer 1 Stonn zeréck-stellen.
Vun 3:00 Auer op 2:00 Auer.
Et kann een eng Stonn méi laang schlofen.
 - ✓ D'Wanter-Zäit fänkt am Oktober un.
Ech muss d'Auer 1 Stonn zeréck-stellen.
Vun 3:00 Auer op 2:00 Auer.
Ech kann eng Stonn méi laang schlofen.

3.3 Sätz

3.3.1 Sazbau

- Et soll ee kuerz Sätz schreiwen, déi duerchschnëttlech héchstens 8 bis 10 Wierder laang sinn.
- De Sazbau soll einfach sinn: Sujet – Verb – Objet.
 - ✘ D'Iesse bezilt de Comité.
 - ✔ De Comité bezilt d'Iessen.
 - ✘ D'Invitatioun schécke mer un de Ministère.
 - ✔ Mir schécken d'Invitatioun un de Ministère.
- Laang Sätz soll een duerch e puer kuerz Sätz ersetzen.
Fir all neie Saz geet een an eng nei Zeil.
- Et soll wa méiglech net méi ewéi eng nei Informatioun an engem Saz stoen.
- Et soll een Niewesätz esou wäit ewéi méiglech evitéieren. D'Beispiller weisen, wéi een déi verschidden Zorte vun Niewesätz kann an en Haaptsaz oder eng Fro ëmwandelen.



Konditional Niewesätz drécken eng Konditioun aus:

- ✘ Dir kritt **keng** Suen, wann Dir keng Demande gemaach hutt.
- ✔ Dir hutt **keng** Demande gemaach?
Da kritt Dir **keng** Suen.



Kausal Niewesätz ginn e Grond un:

- ✘ Mir hunn Är Drecks-Këscht **net** eidel gemaach, well Dir se **net** eraus-gestallt hutt.
- ✔ Dir hutt Är Drecks-Këscht **net** eraus-gestallt.
Dofir hu mir se **net** eidel gemaach.







Final Niewesätz ginn en Zil oder en Zweck un:

-  Mir trainéiere vill, fir de Match ze gewinnen.
-  Mir wëllen de Match gewinnen.
Dofir trainéiere mer vill.



Konzessiv Niewesätz drécken e Widdersproch aus:

-  Dir fuert an d'Vakanz, obschonns **kee** gutt Wieder ass.
-  Et ass **kee** gutt Wieder.
Dir fuert **awer** an d'Vakanz.



Temporal Niewesätz ginn eng Zäitindikatioun:

-  D'Emma geet op d'Spillplaz, nodeems et seng Haus-Aufgabe gemaach huet.
-  D'Emma mécht seng Haus-Aufgaben.
Dono geet d'Emma op d'Spillplaz.
-  Dir musst d'Medikament huelen, ier Dir eppes iesst.
-  Dir huet d'Medikament.
Dono iesst Dir eppes.
-  Wärend ech den Deeg maachen, kanns du d'Geméis schneiden.
-  Ech maachen elo den Deeg.
Du schneits elo d'Geméis.

Adversativ Niewesätz drécken e Géigesaz aus:

-  Amplaz seng Haus-Aufgaben ze maachen, huet hien am Gaart gespillt.
-  Hien huet seng Haus-Aufgaben **net** gemaach.
Hien huet **léiwer** am Gaart gespillt.

Verschieden Niewesätz beinhalten eng fakultativ Zousazinformatioun:

-  D'Kierch, déi iwwer 100 Joer al ass, steet niewent der Schoul.
-  D'Kierch steet niewent der Schoul.
D'Kierch ass iwwer 100 Joer al.

Verschidden Niewesätz beinhalten eng obligatoresch Informatioun, ouni déi de Saz eng aner Bedeitung hätt:

- En Haus, dat iwwer 1 Millioun Euro kascht, kënne vill Leit **net** kafen.
- Verschidden Haiser kaschten iwwer 1 Millioun Euro.
Dat ass fir vill Leit ze deier.
Vill Leit kënnen dofir dës Haiser **net** kafen.

Et gëtt Ergänzungssätz mat „datt/dass“:

- Ech wëll, datt s du doheem hëllefes.
- Du solls doheem hëllefes.
- Den Direkter weess, datt ech d'nächst Woch am Congé sinn.
- Den Direkter weess:
Ech sinn d'nächst Woch am Congé.

Et gëtt Ergänzungssätz mat „ob“:


- Iwwerleet Iech, ob Der en Testament wëllt maachen.
 - Iwwerleet Iech:
Wëllt Dir en Testament maachen?
 - Mir sinn eis net sécher, ob mer an d'Versammlung kënne kommen.
 - Kënne mer an d'Versammlung kommen?
Mir sinn eis net sécher.
- An engem Saz soll net méi ewéi ee Komma stoen. Prinzipiell geet een nom Komma an eng nei Rei.
 - Wann Dir eng Fro hutt, dann zéckt net, fir Iech bei eis ze mellen.
 - Wann Dir eng Fro hutt,
da mellst Iech bei eis.
 - Dir hutt eng Fro?
Da mellst Iech bei eis.

- Mir bieden Iech, donneschdes, de 5. Februar um 15 Auer an eisem Büro op der Adress 13, rue des Vignes zu Mäertert laanschtzekommen.
 - Kommt an eise Büro op Mäertert.
D'Adress ass:
13, rue des Vignes
L-6666 Mäertert
Äre Rendez-vous ass:
doneschdes, de **5. Februar** um **15 Auer**.
- E verschachtelte Saz kann een a méi Sätz opdeelen.
 - Bréngt wannechgelift de Rapport, deen Dir vun Ärem Haus-Dokter krut, mat, wann Dir bei eis an der Klinik passéiert.
 - Dir kommt bei eis an d'Klinik.
Dir krut e Rapport vun Ärem Haus-Dokter.
Bréngt dee Rapport mat.
 - Wann et Iech net méiglech ass, de Rendez-vous anzehalen, da rufft eis wannechgelift un.
 - Dir hutt keng Zäit fir de Rendez-vous.
Da rufft eis wannechgelift un.
- En neie Saz däerf mat de Wierder **an**, **oder**, **well**, **awer** ufänken.
 - Wëllt Dir léiwer en Ausfluch op Veianen oder op Wolz maachen?
 - Dir wëllt en Ausfluch maachen:
Op Veianen?
Oder op Wolz?
 - Dir musst op de Police-Büro kommen an
Dir musst de Fører-Schäin matbréngen.
 - Dir musst op de Police-Büro kommen.
An Dir musst de Fører-Schäin matbréngen.
 - Dir musst Äre Fører-Schäin matbréngen an Är Carte d'identité.
 - Dir musst Äre Fører-Schäin matbréngen.
An Är Carte d'identité.
 - Dir musst dat hei matbréngen:
 - Äre Fører-Schäin
 - Är Carte d'identité

3.3.2 Passiv Sätz a Substantivéierungen


- Aktiv Sätz si méi liicht ze verstoen ewéi passiv Sätz, well an deem Fall kloer gesot gëtt, wien d'Handlung duerchféiert. Dofir solle passiv Sätz evitéiert ginn.


 Muer gëtt en neie Comité gewielt.

 D'Leit wiele muer en neie Comité.

 An dësem Heft gi Medikamenter virgestallt.

 An dësem Heft stelle mir Medikamenter vir.

 Wann Demenz fréi genuch erkannt gëtt, da kann Demenz gebremst ginn.

 Demenz gëtt ëmmer méi schlëmm.

Dofir muss den Dokter Demenz fréi erkennen.

Da kann den Dokter nach hëllefen.

Fir datt Demenz **net** esou séier schlëmm gëtt.

 Dir sidd invitéiert op eng Versammlung.


 De Gemenge-Rot invitéiert Iech op eng Versammlung.

Ausnam:

Wann et net kloer ass, wien d'Aktioun duerchféiert, ass déi passiv Form awer méiglech:

 Beim Accident goufe 5 Persoune blesséiert.

- Amplaz vu Substantiven a Substantivéierungunge soll ee verbal Konstruktione benotzen.

 Am November ass d'Wal vum neie President.

 D'Leit wielen am November en neie President.

 D'Ausfëlle vum Formulaire dauert 10 Minutten.

 Dir fëllt de Formulaire aus.

Dat dauert 10 Minutten.

 Mir setzen eis fir de Schutz vun de Fräschen an.

 Mir wëllen d'Fräsche schützen.

3.3.3 Conditionnel an Imparfait

- De Conditionnel ass schwéier ze verstoen, well en sech op Eventualitéiten an Hypothese bezitt an net op d'Realitéit.
E Saz am Conditionnel soll duerch een oder méi Sätz am Present ersat ginn.
D'Adverb **vläicht** dréckt d'Eventualitéit aus.

✘ Mir kéinten eis e Freideg gesinn.

✔ Mir gesinn eis vläicht e Freideg.

✘ Et wier gutt, wann s de bei den Dokter géings goen.

✔ Du solls bei den Dokter goen.
Den Dokter kann der vläicht hëllefen.

✘ Wann s de gespuert häss, da kéints de elo an d'Vakanz fueren.

✔ Du hues **net** gespuert.
Dofir kanns de elo **net** an d'Vakanz fueren.

- Déi indirekt Ried soll duerch déi direkt Ried ersat ginn. Esou kann een de Conditionnel evitéieren.

Déi geschwate Sätz ginn tëschent Gänseféisercher gesat an erageréckelt.

✘ Den Direkter huet gesot, hie kéim op de Rendez-vous an hie géing eng Ried halen.

✔ Den Direkter huet gesot:
„Ech kommen op de Rendez-vous.
Ech halen eng Ried.“

✘ D'Doktesch huet gesot, ech kéint erëm schaffe goen.

✔ D'Doktesch huet gesot:
„Dir kënnt erëm schaffe goen.“

- Fir d'Vergangenheet auszedrécken, ginn d'Verben am Prinzip an de Passé composé gesat.

Bei den opgelëschte Verbe benotzt een awer éischer den Imparfait, well en dem allgemenge Sproochgebrauch entsprécht a méi natierlech kléngt:





hunn:	Ech hat vill Aarbecht.
sinn:	Mir waren am Kino.
kënnen:	Du konnts net opstoen.
wëllen:	Du wollts e Kuch baken.
stoen:	Dir stoungt um Bus-Arrêt.
sëtzen:	D'Bomi souz an der Fotell.

3.3.4 Negatioun

- D'Negatioun soll een am Prinzip evitéieren. Affirmativ Sätz si méi liicht ze verstoen.

 D'Buch ass **net** spannend.

 D'Buch ass langweileg.

 D'Kanner schlofen **net**.

 D'Kanner si wakereg.

 Hatt huet **keng** Gedold.

 Hatt ass ongedëlleg.

- Wann Negatiounswierder ewéi **net**, **keen**, **keng** an **näischt** sech net evitéiere loossen, da soll een se fett schreiwen. Esou falen se éischer op a ginn net iwwersinn.



Mir maachen Är Drecks-Këschte muer **net** eidel.
 D'Haus huet **kee** Lift.
 Dir braucht **keng** Sue matzebréngen.
 Loosst **näischt** am Zuch leien!

- Bei engem Verbuet ass de Saz méi kloer, wann een d'Negatioun benotzt.
 - ✗ Et ass verbueden, d'Bësch-Déieren unzepaken.
 - ✓ Dir dierft d'Bësch-Déieren **net** upaken.
 - ✗ Et ass verbueden, d'Drecks-Këschten op den Trottoir ze stellen.
 - ✓ Dir dierft **keng** Drecks-Këschten op den Trottoir stellen.
- Eng duebel negativ Ausso ass ganz schwéier ze verstoen a soll och evitéiert ginn.
 - ✗ Dat ass **net** oninteressant.
 - ✓ Dat ass interessant.
 - ✗ Den Dessert schmaacht **net** schlecht.
 - ✓ Den Dessert schmaacht gutt.

3.3.5 Iwwerschrëften

- Den Titel vun engem Dokument, d'Nimm vun de Kapiteln an och d'Tëscheniwwerschrëften an engem Text mussen kloer ausdrécken, ëm wat et geet.
- Et kann een Iwwerschrëften als Fro formuléieren. Well d'Iwwerschrëften awer dacks iwwersi ginn, soll een den Text mat engem Aleedungssaz ufänken, dee kuerz op d'Fro äntwert.

Wéi eng Zorte vu Gewalt gëtt et doheem?


Et gëtt méi Zorte vu Gewalt doheem.



Kierperlech Gewalt:

Eng Persoun deet enger anerer Persoun um Kierper wéi.

Zum Beispill: schloen, stoussen ...



Séilesch Gewalt:

Eng Persoun behandelt eng aner Persoun schlecht.

Zum Beispill: beleidegen, Frechheete soen ...

Source: Häusliche Gewalt

- Am Text selwer kann een och mat Froe schaffen. Dës iwwehuelen d'Funktoun vun Tëscheniwwerschrëften, strukturéieren den Text an hëllefen dem Lieser, fir Informatiounen ze fannen.
- Iwwerschrëfte mussen net nummeréiert ginn.

Wéini ass de Buttek fäerdeg?

De Buttek ass spëtstens am Ufank vum Joer fäerdeg.

Wéi gesäit de Buttek herno aus?

Mir kréien e Kaffis-Eck.
Do kanns du Kaffi drénken a Bréidercher iessen.
Hannen am Buttek ass en Eck mat Geméis.

Source: Blablابل (Februar 2024)

3.4 Zuelen


3.4.1 Allgemeng Remarken zu den Zuelen

- An engem Saz sollen Zuele mat Zifferen geschriwwen ginn.

 Dräihonnert Leit waren um Concert.


 300 Leit waren um Concert.

 Mir hunn zwielef Park-Plazen.

 Mir hunn 12 Park-Plazen.

- Prinzipiell ginn Zuele mat arabeschen Zifferen geschriwwen.

 Fënnf Membere sinn am Comité.

 5 Membere sinn am Comité.

Remark 1:

Den onbestëmmten Artikel **een/eng** däerf net duerch d'Ziffer 1 ersat ginn.

 Mir schécken Iech 1 Invitatioun.

 Mir schécken Iech eng Invitatioun.

Remark 2:

Wann et awer ëm eng Quantitéit geet, dann däerf een d'Ziffer 1 schreiwen. Dëst ass zum Beispill bei engem Rezept de Fall.


 ee Pak Vanill-Zocker

 1 Pak Vanill-Zocker

 een Têi-Läffel Bak-Polver

 1 Têi-Läffel Bak-Polver

- Uerdnungszuele ginn ausgeschriwwen, well de Punkt hanner der Ziffer riskéiert, als Schlusspunkt verstanen ze ginn.
 - ✘ De Pol Schmit ass op der 4. Plaz.
 - ✔ De Pol Schmit ass op der véierter Plaz.
De Pol Schmit ass op der Plaz 4.
 - ✘ Huelt déi 2. Dier riets.
 - ✔ Huelt déi zweet Dier riets.
- Wann eng Reiefolleg ausgedréckt gëtt, dann däerfen Uerdnungszuele benotzt ginn. Dat ass zum Beispill bei engem Ordre du jour de Fall.



3.4.2 Grouss Zuelen

- Grouss Zuele ginn op- oder ofgeronnt. Vergläicher mat bekannte Gréissten hëllefen dobäi, sech eppes ënner groussen Zuele virzestellen.
 - ✘ 128 378 Leit waren um Concert.
 - ✔ Iwwer 100 000 Leit waren um Concert.
Esou vill Leit liewen an der Stad Lëtzebuerg.
 - ✘ D'U-Boot ass 104 Meter laang.
 - ✔ D'U-Boot ass ongeféier 100 Meter laang.
Dat ass esou laang ewéi e Futtballs-Terrain.

- Fir Lieser ze ënnerstëtzen, déi Zuelen net gutt kënnen liesen, soll een eng Prezisioun bäisetzen.



Iwwer 100 000 Leit waren um Concert.
Dat kann een och esou schreiwen: 100 Dausend.
Esou vill Leit liewen an der Stad Lëtzebuerg.

Remark 1:

Wann déi genee Zuel wichteg ass, léisst ee grouss Zuelen onverännert.

- ✓ D'Appartement kascht **667 000 €**.

Remark 2:

Bei héije ronnen Zuele kann een alternativ Formuléierunge benotzen.

- ✗ 2 000 000
- ✓ 2 Milliounen

3.4.3 Joreszuelen

- Wann een eng Joreszuel wëll nennen, da muss ee kloer maachen, datt et sech ëm e Joer handelt.
 - ✗ Den Zweete Welt-Krich huet 1939 ugefaang.
 - ✓ Den Zweete Welt-Krich huet am Joer 1939 ugefaang.
- Joreszuelen, déi scho laang zeréckleien, sinn abstrakt. Eng Ergänzung hëlleft dobäi, sech eppes ënner der Joreszuel virzestellen.
 - ✗ D'Stad Lëtzebuerg hat am Joer 1850 eng Festung.
 - ✓ D'Stad Lëtzebuerg hat am Joer 1850 eng Festung.
Dat war viru bal 200 Joer.

- Expressiounen ewéi zum Beispill am 19. Joerhonnert oder an den Drëssegjoren si schwéier ze verstoen a sollen evitéiert ginn.

- Zu Lëtzebuerg hunn am 19. Joerhonnert vill Bauere gelieft.
- Zu Lëtzebuerg hu virun 200 Joer vill Bauere gelieft.

Remark:

Wann een an engem Text Indikatioune gëtt ewéi **Dat ass 100 Joer hier**, muss ee bedenken, datt den Text domat datéiert gëtt. Dat bedeit, datt en an enger Rei Jore muss aktualiséiert ginn.

3.4.4 Datumer

- Bei engem Datum gëtt den Numm vum Mount ausgeschriwwen. D'Joreszuel gëtt mat véier Zifferen geschriwwen.

- 8.2.25
- 8. Februar 2025
- 12.9.73
- 12. September 1973

- Bei engem Datum an der noer Zukunft soll een de Wochendag bäisetzen, well e bei der zäitlecher Orientéierung hëlleft. Dëst ass besonnesch wichteg, wann eng Aktioun vum Lieser erwaart gëtt.

- Äre Rendez-vous ass de 27.11.25.
- Äre Rendez-vous ass donneschdes, de 27. November 2025.
- Äre Rendez-vous ass de 27. November 2025.
Dat ass dësen Donneschdeg.

Remark:

Virun enger Ziffer steet keng Null.

- 08:45 Auer
- 8:45 Auer
- 05. Abrëll 2002
- 5. Abrëll 2002

3.4.5 Auerzäiten

- D'Auerzäit gëtt digital a mat engem Doppelpunkt geschriwwen.
 - ✘ De Rendez-vous ass um Véierel vir 12.
 - ✔ De Rendez-vous ass um 11:45 Auer.
 - ✘ De Cours fänkt um hallwer 7 un.
 - ✔ De Cours fänkt um 18:30 Auer un.
 - ✘ De Film fänkt um 8 Auer un.
 - ✔ De Film fänkt um 8:00 Auer un.
- Fir en Zäitraum ze beschreiwen, soll een amplaz vum Gedankestréch d'Wuert **bis** benotzen.
 - ✘ 8:30 Auer – 10:30 Auer
 - ✔ 8:30 Auer bis 10:30 Auer


3.4.6 Telefonsnummere a Kontosnummere

- Bei Telefonsnummere ginn d'Zifferen zu zwee an zwee oder dräi an dräi regruppéiert.
 - ✘ +35226123456
 - ✔ +352 26 12 34 56
+352 26 123 456
- Bei Handysnummere sollen déi dräi éischt Zifferen ëmmer regruppéiert ginn.
 - ✘ 621379191
 - ✔ 621 37 91 91
621 379 191
- Bei Kontosnummere ginn ëmmer véier Zeeche regruppéiert.
 - ✘ LU841111987654320000
 - ✔ LU84 1111 9876 5432 0000

3.4.7 Prozentzuelen

- Prozentzuele sinn abstrakt a setze mathematesch Kenntnisser viraus. Dofir soll ee keng Prozentzuelen nennen. Alternativ Formuléierunge si **vill, wéineg, d'Hallschent, bal jiddereen, déi meescht a bal keen**.

 97 % vun de Visiteure waren zefridde mat der Expo.

 Déi meescht Visiteure waren zefridde mat der Expo.
Bal jidderee war zefridde mat der Expo.

 52 % vun den Drauwen op der Musel sinn erfruer.

 D'Hallschent vun den Drauwen op der Musel ass erfruer.

3.5 Extrazeechen

- Extrazeechen ewéi Stréichpunkten, eckeg Klameren, Stärercher a Slashe sollen esou wäit ewéi méiglech evitéiert ginn.

Méiglech sinn awer Gänseféisercher bei Friemwierder, bei Eegennimm a bei der direkter Ried, dräi Pinktelcher bei enger Oplëschtung a ronn Klamere beim Nenne vu Synonymmen oder Akronymmen.



En anert Wuert fir „Chamber“ ass „Parlament“.

Kommt mat eis op „d'Lampecher Event Days“.

Eisen neie Service heescht „HoKa“.

Den Dokter freet: „Wéi geet et Iech?“

Um Maart kritt een Äppel, Bieren, Kiischten ...

Den Erzéier (Educateur) schafft an der Crèche.

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (**ZLS**)

3.6 Mise en page

3.6.1 Allgemeng Bemierkungen

D'Mise en page soll iwwersiichtlech sinn, fir datt de Lieser d'Informatiounen liicht erëmfënnt. Et muss genuch fräi Plaz sinn tëschent den Iwwerschrëften an dem Text, awer och tëschent den eenzelen Abschnitter an tëschent dem Text an de Biller. Visuell Elementer ewéi Biller, Rummen a Faarwe sollen nëmmen do agesat ginn, wou se Sënn maachen, fir d'Säit net ze iwwerlueden.

Den Textgenre bestëmmt d'Form an de Layout vun engem Text esouwuel an der Standardsprooch ewéi och an der Liichter Sprooch. Zu de verschiddenen Textgenren zielen zum Beispill Romaner, Theaterstécker, Bréiwer, Broschüren, Zeitungsartikelen, Menüskaarten, Invitatiounen a Kontrakter. Dës hunn all typesch visuell Charakteristiken, déi och bei Texter a Liichter Sprooch solle respektéiert ginn, fir d'Liesmotivatioun an d'Liesverstoën ze ënnerstëtzen.

Wann an engem Dokument Abschnitter a verschiddene Sproochen virkommen, da muss dat kloer markéiert ginn. Et kann ee Fändelen nieft déi eenzel Abschnitter setzen an d'Ofkierzungen LB/DE/FR/EN/PT derbäischreiwen.

3.6.2 Säitenzuelen an Inhaltsverzeechnes

- Am Ufank vun engem Dokument mat méi Kapitele soll en Inhaltsverzeechnes stoen.
- D'Säite vun engem Dokument sollen alleguer duerchnummeréiert ginn. Fir de Lieser kann et nützelech sinn, wann een d'Säitenzuelen esou ugëtt:
 - ✔ Säit 7 vun 10
- D'Nummeréierung fänkt bei der éischter gedréckter Säit un. Dat ass am Prinzip eng riets Säit.
- Déi gerued Säitenzuele stinn dofir ëmmer op der lénker Säit an déi ongerued Säitenzuelen op der rietsen Säit.
- D'Säitenzuele sollen esou placéiert ginn, datt een se direkt gesäit.

3.6.3 Schrëftaart

- Wichteg ass eng lieserlech Drockschréft mat Buschtawen an Zifferen, déi ee séier erkennt a liicht ka vuneneen ënnerscheeden.

Dës Schrëfte si besonnesch lieserlech:

- Arial
 - Calibri
 - Segoe
 - Tahoma
 - Atkinson Hyperlegible: <https://www.brailleinstitute.org/freefont/>
 - Lexend: <https://www.lexend.com/>
 - Luciole: <https://www.luciole-vision.com/>
 - Neue Frutiger 1450 (Dës Schrëft kann een net gratis eroflueden.)
- Schrëftaarte mat dekorativen Elementer, Kalligrafie-Schrëften a Schreiftschreften (ewéi z. B. Gigi, Papyrus, French Script MS) soll een net benotzen. Dat selwecht gëllt fir dënn Schrëften (ewéi z. B. Eras Light ITC, Abadi Extra Light), well se sech schlecht vum Hannergrond ofhiewen.
 - An engem Text soll een sech op héchstens zwou Schrëftaarte limitéieren. Fir d'Iwwerschrëfte kann een eng aner Schrëftaart benotzen ewéi fir de Rescht vum Dokument.

3.6.4 Schrëftgréisst

Fir e Print-Dokument gëllen dës Recommandatioune bei der Schrëftgréisst:

- Am Text soll d'Schrëftgréisst op d'mannst dem Arial 14pt entsprechen. Ideal ass den Arial 16pt.

✔ Fir de Fléisstext geet dës Gréisst duer.

- D'Schrëftgréisst vun den Iwwerschrëfte soll op d'mannst 2pt méi grouss sinn ewéi beim Rescht vum Text. Se soll dem Arial 18pt oder dem Arial 20pt entsprechen.

✔ Dës Schrëftgréisst soll ee fir d'Haaptiwwerschrëft wielen.

3.6.5 Ofstänn am Text

- Tëschent den Zeile gëllt e minimalen Ofstand vun 1,3. Ideal ass 1,5.
- Tëschent den Abschnitter gëllt e minimalen Ofstand vun 2.

3.6.6 Schrëftsaz

- soll een evitéieren, well d'Ofstänn tëschent de Wieder bei dëser Duerstellung ënnerschiddlech grouss sinn. En Text, dee lénks alignéiert ass („linksbündig“), liest sech am beschten.
- Den Text soll wa méiglech net a Kolonneform ewéi an enger Zeitung geschriwwen sinn. De Sprong vun enger Kolonn an déi nächst kann dem Lieser schwéierfalen.

Wat ass e Visum?

E Visum ass eng Erlabnes fir eng bestëmmten Zäit.
De Visum erlaabt mer, datt ech an engem frieme Land däerf sinn.
Oder datt ech duerch e friemt Land däerf reesen.
Et geet ëm Länner, déi **net** an Europa sinn.
E Visum gëllt **net** fir ëmmer.
De Visum gëtt an de Rees-Pass agedroen.
Zum Beispill mat engem Stempel.

Source: Europa in Schengen / Ein Rundweg für alle

3.6.7 Säitenëmbroch

- Wann en Text sech op méi Säite verdeelt, dann däerf de leschte Saz ënnen op enger Säit net ënnerbrach ginn. E Saz, deen net ganz op eng Säit passt, soll integral op déi nächst Säit gesat ginn.
- Beim Säitenëmbroch däerfen allgemeng keng Elementer, déi vum Sënn hier zesummegehéieren, getrennt ginn. Dozou gehéieren zum Beispill zesummegegate Wierder, ganz Abschnitter, Opzielungen, Substantive mat hiren Artikelen a Verbe mat hirem Sujet. Alles, wat inhaltlech zesummegehéiert, soll op där selwechter Säit stoen.

3.6.8 Iwwerschrëften

- D'Iwwerschrëfte sollen sech gutt vum Text ofhiewen. Dat geschitt duerch d'Schrëftaart an d'Schrëftgréisst, awer och duerch den Ofstand tëschent der Iwwerschrëft an dem Text. Dëse muss méi grouss sinn ewéi beim Zeilenofstand.
- Iwwerschrëfte kënnen och faarweg geschriwwen oder mat enger Faarf hannerluecht ginn.
- Iwwerschrëfte gi mam ganzen Text lénks alignéiert.

D'Geschicht vun den Atelieren zu Lampech


D'Atelieren zu Lampech sinn am Joer 2024 opgaang.
D'Iddi fir APEMH-Atelieren zu Lampech gëtt et scho méi laang.
Fir d'éischt hat een d'Iddi am Joer 1984.
Dat war viru 40 Joer.

Source: APEMH / Bericht in Leichter Sprache

- Nieft enger Iwwerschrëft kann e Bild stoen.

De Belval an seng Geschicht

Source: Blablابلat vun der APEMH (Mee 2025)



3.6.9 Abschnitter

- Texter sollen an Abschnitter agedeelt ginn. D'Informatiounen, déi vum Sënn hier zesummegehéieren, sollen an engem Abschnitt regroupéiert ginn.
- Déi éischt Zeil vun engem Abschnitt soll mam Rescht vum Text lénks alignéiert sinn. Se gëtt net erageréckelt.
- Den Ofstand tëschent zwee Abschnitter muss däitlech méi grouss sinn ewéi den Zeilenofstand am Text.
- Iwwer engem Abschnitt kann eng Iwwerschrëft respektiv eng Fro stoen (cf. Kapitel 3.3.5 Iwwerschrëften).

3.6.10 Zeilen

- An enger Zeil däerf nëmmen ee Saz stoen.
 - ✘ Fëllt de Formulaire aus. Schéckt eis dann de Formulaire.
 - ✔ Fëllt de Formulaire aus.
Schéckt eis dann de Formulaire.
- Wann e Saz net ganz an eng Zeil passt, da gëtt en op zwou Zeile verdeelt. Wieder, déi vun der Bedeitung hier zesummegehéieren, kommen an déi selwecht Zeil stoen. (cf. Kapitel 3.6.7 Säitenëmbroch).
 - ✘ Bréngt wannechgelift déi néideg Dokumenter mat op de Büro.
 - ✔ Bréngt wannechgelift déi néideg Dokumenter mat op de Büro.

3.6.11 Oplëschtungen

- An engem Saz soll keng laang Opzielung stoen. Se kann duerch eng Oplëschtung vun eenzele Wierder, Sazdeeler, einfache Sätz oder Froen ersat ginn.
- An all Zeil soll nëmmen eng Informatioun stoen.
- Virun all Beispill steet e Bulletpoint oder e Bindestréch.
- Bei enger Oplëschtung vu Substantive gi keng Kommaen hanner déi eenzel Elementer gesat. Nom leschte Beispill steet e Punkt.
- Eng Oplëschtung soll keng Ënneroplëschtung enthalen.
- Se soll och net iwver méi Säite goen (cf. Kapitel 3.6.7 Säitenëmbroch).

✘ Bei eiser Wanter-Aktioun sammele mer Kleeder ewéi zum Beispill Jacketten, Pulloveren, Schalen, Mutzen, Händschen an anert Wanter-Gezei.

✔ Mir maachen eng Wanter-Aktioun.
Mir sammele Kleeder.

Zum Beispill:

- Jacketten
- Pulloveren
- Schalen
- Mutzen
- Händschen
- anert Wanter-Gezei.

✘ Mir plangen en Ausfluch.
Solle mer mam Vélo fueren, an d'Schwämm goen oder e Picknick maachen?

✔ Mir plangen en Ausfluch.
Solle mer:

- Mam Vélo fueren?
- Oder an d'Schwämm goen?
- Oder e Picknick maachen?

✘ Mir maachen och aner Aarbechten, ewéi zum Beispill Blumme setzen, de Blumme Waasser ginn, Hecken a Beem planzen, Gras a Blummen uséien a mulchen.

✔ Mir maachen och aner Aarbechten.

Zum Beispill:

- Blumme setzen
- de Blumme Waasser ginn
- Hecken a Beem planzen
- Gras a Blummen uséien
- mulchen.

3.6.12 Fett Ervirhiewungen

- Fir wichteg Elementer am Saz ervirzehiewen, kann een se fett schreiwen.



D'Formatioun ass den **12. Mee 2026**.

Den **Depart** ass um **7:45 Auer**.

De Bus, den Zuch an den Tram si **gratis** zu Lëtzebuerg.

- D'Negatioun an engem Saz gëtt ëmmer fett ervirgehiewen (cf. Kapitel 3.3.4 Negatioun).



Muer ass **keng** Schoul.

D'Haus huet **kee** Lift.

Mir maachen Är Poubellë muer **net** eidel.

Dir braucht **näischt** ze bezuelen.





Remark:

Et soll een evitéieren, fir Wieder am Text kursiv ze schreiwen, ze ënnersträichen oder mat lauter Majuscullen ze schreiwen.

- ✘ Mir maachen en Ausfluch op *Bréissel*.
- ✘ Mir maachen en Ausfluch op Bréissel.
- ✘ Mir maachen en Ausfluch op BRÉISSEL.
- ✔ Mir maachen en Ausfluch op **Bréissel**.


3.6.13 Faarwen a Kontrast

- E grouse faarfleche Kontrast tëschent der Schrëft an dem Hannergrond erliichtert d'Lecture.

- ✘  Liicht Sprooch
- ✔  Liicht Sprooch
- ✘  Liicht Sprooch
- ✔  Liicht Sprooch

- De Kontrast ass am gréissten, wann eng schwaarz Schrëft op engem wäissen Hannergrond steet an ëmgedréint.

- Bei méi laangen Texter liest eng däischer Schrëft op engem hellen Hannergrond sech am beschten.



Dir kräizt déi eenzel Leit un:

Dir maacht 1 oder 2 Kräizer nieft den Numm,
bis Der **keng** Stëmme méi hutt.

Dir kënn awer och **manner** Kräizer maachen.

Dir kënn Kandidate vun e puer Lëschten ukräizen.

Dann däerft Dir awer **kee** Kräiz an e Rondel maachen.

Source: Sozial-Wahlen in Luxemburg

- Bei kuerzen Texter, ewéi zum Beispill op engem Depliant, däerf eng hell Schrëft op engem däischeren Hannergrond stoen .

Wéini?



Dënschdeg, de 14. Abrëll 2026
vun 18:30 bis 19:30 Auer

Wou?



Am Escher BiBSS
24, rue Louis Pasteur
L-4276 Esch-sur-Alzette

Source: BESA

- Fir d'Kontraster tëschent dem Text respektiv de Biller an dem Hannergrond ze moossen, gëtt et einfach Toolen:

<https://vispero.com/color-contrast-checker/>

<https://webaim.org/resources/contrastchecker/>

- Wann den Text sech u Leit mat enger Séibeanträchtegung riicht, mussen d'Kontraster nach méi grouss sinn, fir datt den Text an d'Billen gutt erkannt ginn. An dësem Fall ass follgenden Tool nützlich, an zwar esouwuel bei Drockdokumenter ewéi och bei digitalen Texter:

<https://leserlich.info/kontrastrechner/>

Remark:

D'Faarwekombinatioune rout a gréng, blo an orange gradesou ewéi giel a mof soll ee bei der Schrëft a beim Hannergrond evitéieren. Déi sougenannte Komplementärfaarwe kënnen bewierken, datt d'Dokument virun den Ae flackert.

- Den Hannergrond soll nëmmen eng Faarf hunn. Et soll ee keng Schrëft op e Bild oder op e Muster setzen.



- Iwwerschrëfte kann ee faarweg schreiwen oder faarflech hannerleeën, fir se ervirzehiewen. Dobäi soll een sech op maximal zwou Faarwe limitéieren, eng fir d'Haaptiwwerschrëft an eng fir d'Tëscheniwwerschrëften.
- Wieder, déi an engem Glossär um Enn vum Text stinn, sollen am Text faarflech markéiert ginn (cf. Kapitel 3.2.1 Choix vun de Wieder). De Kontrast tëschent dem Text an de faarflech markéierte Wieder soll op d'mannst 3:1 sinn.

- An engem digitalen Dokument kënne Wierder mat engem Internetsite verlinkt sinn. Dës Wierder si blo geschriwwen an ënnerstrach. (cf. Kapitel 3.6.16 Linken)
- Wa ganz Sätz oder Abschnitter sollen ervirgehewe ginn, da kann een se an eng Rumm setzen. Dës Rumm ka faarweg sinn.

3.6.14 Biller

- Biller strukturéieren en Text a maachen e méi verständlech. Se liwweren Informatiounen, déi wichteg si fir de Lieser a sollen net just agesat ginn, fir d'Dokument ze verschéieren.
- Wa Biller eng wichteg Informatioun enthalen, déi net explizitt am Text genannt gëtt, muss en alternativen Text virgesi ginn. Dëse gëtt vun engem Screenreader-Programm virgelies, fir datt och Leit mat enger Séibeanträchtegung Zougang zu all den Informatiounen hunn.
- Zu de Biller ziele Fotoen, Zeechnungen a Piktogrammen.



- Et soll een evitéieren, Fotoen, Zeechnungen a Piktogrammen an engem Text duercherneen ze benotzen.
- Biller sollen esou grouss sinn, datt een déi duergestallten Elementer kloer erkennt.

- Ënner engem Bild kann eng kuerz Legend stoen. Se däerf net mat engem alternativen Text verwiesselt ginn.



Den Tram um Kierchbierg.




Eng Bretzel mat Mandelen.

- Biller solle keng iwverflësseg Detailer enthalen. Hir Bedeitung muss kloer sinn. Wann den Hannergrond oflenkt, soll en erausgeholl ginn.



- Biller müssen eng optimal Qualitéit hunn. Bei Zeechnungen a Piktogramme solle Vektorgrafike benotzt ginn, well dës sech ouni Qualitätsverloscht vergréissere loossen. Fotoe sollen eng Opléisung vun op d'mannst 150 dpi hunn.



- D'Biller an engem Dokument solle vum Stil hier beienee passen an un den Alter vum Zilpublikum ugepasst sinn.



- Nieft enger Iwwerschrëft kann e Bild stoen (cf. Kapitel 3.6.8 Iwwerschrëften).

Fussball zu Lëtzebuerg



Source: Blablابلat vun der APEMH (Oktober 2024)

- Biller hëllef, den Text ze verstoen, a mussen dofir no bei deenen Textdeeler stoen, op déi se sech bezéien.
- Fotoen an Zeechnungen am Text stinn entweder alleguer lénks oder alleguer riets, fir datt d'A net ze vill muss hin- an hiersprangen. Alternativ kënnen se ënner engem Abschnitt stoen.

- Piktogramme sti viru prakteschen Informatiounen, ewéi zum Beispill enger Adress, engem Datum, enger Auerzäit, enger Telefonsnummer oder engem Präis.



Wou?



Wéini?



Wéi laang?



Präis



gratis



Informatiounen

Op dësem Site fënnt een nätzlech Piktogrammen:

klaro.lu/leichte-sprache/toolbox/

- Piktogramme stinn an der Reegel lénks.




D'APEMH weess:

D'Plättercher am Atelier si rutscheg,
wann et reent.

Dat ass geféierlech.

D'APEMH mécht den Atelier méi sécher.

D'APEMH léisst nei Plättercher leeën.




D'APEMH erkläert d'Sécherheets-Regelen.

Haalt Iech un d'Reegelen.

D'APEMH kontrolléiert:

Hält jiddereen sech un d'Reegelen?



D'APEMH gëtt Iech en Helm an Händschen.

D'APEMH gëtt Iech och e Schutz-Brëll.

Haus-Regelen



Du hues däi Schlëssel verluer?
Da so dem Personal Bescheed.



Hal däin Zëmmer propper.
Hal däi Bued-Zëmmer propper.
Hal deng Kichen an deng Stuff propper.



Hal dech un d'Rou-Zäiten.
Rou-Zäiten heescht:
Et ass roueg am Haus.
D'Rou-Zäite sinn an der Nuecht.
Vun **22:00 Auer owes** bis **6:00 Auer moies**.



Am Haus däerfs du **net** fëmmen.
Du däerfs och **keng** Drogen huelen.

Source: Op der Schock

- Piktogramme kënnen mat Faarwe kombinéiert ginn, fir hir Bedeitung ze verdäitlechen. Hei schwätzt ee vum „2-Wege-Prinzip“. De Lieser kritt d'Informatioun esouwuel iwwer d'Symbol ewéi och iwwer d'Faarf. Et soll een en allgemeng bekannte Faarfcode benotzen (rout = negativ, gréng = positiv).



- Bei all Logo soll niewent dem Symbol och den Numm vun der Entitéit stoen.



- Bei manner bekannten Entitéiten ass eng kuerz Erklärung ganz nützlich.



De Script gehéiert bei de Schoul-Ministère.
De Script huet vill Aufgaben.

Zum Beispill:

- Nei Schoul-Bicher maachen.
 - A Projete fir Schoulen ubidden.
- Et gëtt ofgeroden, Tabellen an Diagrammen an en Text anzesetzen. De Screenreader kann dës just liesen, wann se digital accessibel opbereet goufen. Dat bedeit, datt eng detailléiert Beschreiwung an en alternativen Text musse virgesi ginn.

3.6.15 Adressen

- Adresse ginn an engem Text esou geschriwwen, wéi se op enger Enveloppe stinn.

✘ Madamm Tanja Weber, 10, am Kéiwee, L-5432 Kapenaker

✔ Madamm
Tanja Weber
10, am Kéiwee
L-5432 Kapenaker

3.6.16 Linken

- An engem Drockdokument kënnen kuerz Linke stoen. Se sinn net ënnerstrach an och net faarflech ervirgehewen.
 - ✔ Dir fannt méi Informatiounen iwwer Liicht Sprooch um Site: www.liichtsprooch.lu
 - ✔ Hei fannt Dir den Internetsite vum Adapto: www.adapto.lu
- An engem digitalen Dokument kënnen Adresse vun Internet-Sitte stoen. Se fänke mat „www.“ un a si blo geschriwwen an ënnerstrach.
 - ✘ [Hei](#) kënn Dir d'Bréif-Wal am Internet ufroen.
 - ✔ Dir wëllt d'Bréif-Wal am Internet ufroen. Dir gitt op: www.myguichet.lu
 - ✘ Den Internet-Site vum Adapto ass [hei](#).
 - ✔ Hei fannt Dir den Internet-Site vum Adapto: www.adapto.lu
- Et ass och méiglech, Bezeechnunge mat engem Internetsite ze verlinken. Dës Bezeechnunge solle kloer ausdrécken, ëm wat et geet.
 - ✘ Dir fannt d'Lëscht vun de Gemengen [hei](#).
 - ✔ Klickt op: [Lëscht vun de Gemengen](#)

3.6.17 Pabeier

- De Pabeier soll matt sinn, fir datt d'Luucht sech net dra spigelt.
- De Pabeier soll nëmmen eng Faarf hunn.
- Bei engem schwaarzen Text op wäissem Pabeier geet e Gewiicht tëschent 80 an 90 g/m² duer.
- Bei engem faarwegen Dokument mat ville Biller soll de Pabeier tëschent 115 an 135 g/m² schwéier sinn, fir datt d'Faarwen net duerchliichten.
- D'Dokumenter sollen eng minimal Gréisst vun A5 an eng maximal Gréisst vun A4 hunn, fir datt een se gutt kann an d'Hand huelen.
- An engem méi laangen Dokument sollen d'Säiten aus praktesche Grënn alleguer dee selwechte Wee gedréit sinn.

- Depliante sollen nëmmen eemol an der Mëtt gefalt sinn. Den Text däerf net do stoen, wou d'Blat gefalt ass.



- Bei Dokumenter mat ville Säiten ass d'Spiralreliure ganz praktesch. D'Säite leie flaach op an d'Dokument bleift op där selwechter Duebelsäit opgeschoen. Dëst hëlleft besonnesch Leit mat motoresche Beanträchtegungen, déi praktesch Hëllefsmëttelen beim Liese benotzen, ewéi zum Beispill e Liesstänner.



3.6.18 Längt vun Texter a Liichter Sprooch

Duerch déi verschidde Reegelen a Recommendatiounen, déi an dëser Publikatioun beschriwwe ginn, kann en Text a Liichter Sprooch méi laang ginn ewéi d'Versioun a Standardsprooch. Déi wichtegst Facteuren, déi en Text méi laang maachen, sinn hei nach eemol kuerz opgelëscht:

- D'Schrëft ass méi grouss.
- Den Espace tëschent den Zeilen an tëschent den Abschnitter ass méi grouss.
- Et kommen eventuell Tëscheniwwerschrëften derbäi.
- An all Zeil däerf nëmmen ee Saz stoen.
- Am Text gi Wieder erkläert.
- Et gëtt méi visueller Elementer.

Wann en Text a Liicht Sprooch ëmgeschriwwe gëtt, muss am Virfeld beduecht ginn, datt den neien Text sech eventuell op méi Säite wäert verdeelen ewéi den Ausgangstext. Et ka vu Virdeel sinn, e laangen Text an e puer kuerz Texter opzedeelen.

4. Weider Informatiounen

4.1 Logo „Inclusion Europe“

Fir dem Lieser ze weisen, datt en Text a Liichter Sprooch geschriwwen ass, gëtt et den europäesche Logo vun **Inclusion Europe**. Dëse kann, wann déi néideg Konditiounen erfëllt sinn, gratis iwwer den Internetsite www.inclusion-europe.eu erfogeluede ginn.

Eng Konditioun, fir de Logo dierfen ze benotzen, ass d'Validatioun vum Text duerch e Préifgrupp. An engem Préifgrupp sinn Erwuessener a Jonker mat enger intellektueller Beanträchtegung, déi d'Texter a Liichter Sprooch liesen oder lauschteren a Verbesserungsproposen maachen. Wann den Text adaptéiert a vum Préifgrupp approvéiert gouf, dierf de Logo bäigesat ginn. E soll op enger visibeler Plaz stoen, ewéi z. B. um Deckel.



Aus rechtliche Grënn muss dës Saz am Dokument stoen: © European Easy-to-Read Logo: Inclusion Europe.

Méi Informatiounen op <https://www.inclusion-europe.eu/easy-to-read>.

Den Numm vum Service, deem d'Relektür gemaach huet, soll am Dokument vermierkt sinn.

4.2 Relektür duerch Préifgruppen

Zu Lëtzebuerg gëtt et Stand Januar 2026 dräi Associatiounen, déi d'Relektür an d'Redaktioun vun Texter a Liichter Sprooch ubidden.

Atelier isie vun der APEMH (isie@apemh.lu)

D'Leit vum **Atelier isie** préiwen Texter fir d'APEMH a fir extern Clienten. Dozou gehéiere PDFen, Internetsäiten a Videoen. D'Préiflieser maachen d'Relektür vun Texter, déi schonn a Liichter Sprooch geschriwwe sinn, oder schreiwe Produiten a Liicht Sprooch ëm. Dës Texter kënnen op Däitsch, Franséisch, Englesch oder Portugisesch sinn.

Atelier Fieder-Liicht vun Op der Schock (fieder-liicht@ods.lu)

D'Mataarbechter aus dem **Atelier Fieder-Liicht** préiwen Texter fir **Op Der Schock** an op Ufro och fir extern Clienten. D'Préiflieser maachen d'Relektür vun Texter a Liichter Sprooch, schreiwen Texter a Liicht Sprooch ëm a kontrolléieren de Layout vun den Dokumenter. D'Texter kënnen op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch sinn. Dozou gehéieren zum Beispill Broschüren a Flyeren, mee och Texter fir Ausstellungen, Visite-guidéeën an Theemeweeër. Den **Atelier Fieder-Liicht** hëlleft senge Clienten dobäi, Aktivitéite méi inklusiv ze gestalten an nei adaptéiert Offeren auszeschaffen.

Centre pour le développement intellectuel (leichte.sprache@cc-cdi.lu)

De **Service Leichte Sprache** vum Centre pour le développement intellectuel (CDI) zielt aktuell zwanzeg Iwwersetzer fir Liicht Sprooch esouwéi Préiflieser aus der Zilgrupp, déi dës Texter iwwerpräiwen. De Service bitt Iwwersetzungen, Relektüre souwéi individuell Berodung a Liichter Sprooch op Däitsch a Franséisch un. D'Kompetenzzenteren an de **Service national de l'éducation inclusive** (SNEI) kënnen aktuell hir Demanden erareeche; an enger nächster Etapp gëtt de Service och fir de gesamten Educatiounsministère zougänglech. D'Ufro ginn iwwer e Formulaire um Internetsite vum CDI agereecht a perséinlech traitéiert.

4.3 Klaro – Zentrum fir Liicht Sprooch an accessibel Kommunikatioun

De Klaro ass den Zentrum fir Liicht Sprooch an accessibel Kommunikatioun. Dëse Service vun der APEMH setzt sech fir d'Verbreedung vu Liichter Sprooch hei am Land an. E beréit all déi Interesséiert beim Iwwersetze vun Texter a gëtt Coursen, fir dem breede Public d'Liicht Sprooch méi no ze bréngen. Nieft dëser Beroderfunktoun liwwert de Klaro och selwer Produiten a Liichter Sprooch. All Produite vum Klaro gi vum Atelier isie gepréift. De Klaro mécht keng Iwwersetzungen.

Méi Detailler fënnt een op www.klaro.lu.

4.4 Akzent – Zenter fir accessibel Kommunikatioun

Akzent ass déi zentral Ulafstell fir all Froe ronderëm d'accessibel Kommunikatioun zu Lëtzebuerg. **Akzent** informéiert a beréit Fachleit, Organisatiounen a jiddereen, deen Informatiounen zougänglech a verständlech wëllt gestalten. Den Zenter bitt Formatiounen un a sensibiliséiert ënner anerem am Beräich vun der sproochlecher an digitaler Accessibilitéit. Zousätzlech fërdert **Akzent** den Austausch tëschent verschiddenen Acteuren a bitt konkret Ënnerstëtzung, wéi een Informatiounen fir jidderee kann accessibel maachen.

Méi Detailler fënnt een op www.akzent.lu.

4.5 Ënnerscheid Liicht Sprooch – Einfach Sprooch

D'Liicht Sprooch däerf net mat der Einfacher Sprooch verwiesselt ginn. D'Einfach Sprooch steet vun der Komplexitéit hier tëschent der Liichter Sprooch an der Alldagssprooch.

Et gëtt keng fix Reegelen fir d'Einfach Sprooch. Dëst bréngt mat sech, datt Texter an der Einfacher Sprooch net gutt vu Préifgruppe kënnen nogelies ginn. Dowéinst gëtt et och keen offizielle Logo fir d'Einfach Sprooch.

D'Liicht Sprooch riicht sech virun allem u Leit mat intellektuelle Beanträchtegen an hëllef hinnen, Texter ouni Hëllef ze verstoen. D'Einfach Sprooch kann dëse Besoin net ofdecken, well se ze komplex ass an dofir vu ville Lieser net verstan gëtt.

4.6 Digital Accessibilitéit am Secteur public

D'Gesetz vum 28. Mee 2019 gesäit vir, datt alleguer d'Sitten an d'Applikatiounen vum Secteur public accessibel sinn an den aktuellen Accessibilitéitsnormen entsprechen. Dëst Gesetz verlaangt net, datt alleguer d'Contenue vun de Sitten an Applikatiounen vum Secteur public mussen a Liichter Sprooch geschriwwen sinn. Wann allerdéngs Contenue a Liichter Sprooch verëffentlecht ginn, da mussen se d'Accessibilitéitsnormen respektéieren.

Op accessibilite.public.lu fënnt een den offizielle Referentiel vum Lëtzebuergesche Staat, deen et erméiglecht, d'digital Accessibilitéit vu Contenue ze iwwerpréiwen.

Den [Informatiouns- a Pressedéngsch](#) (SIP) ass déi Instanz, déi kontrolléiert, ob d'Gesetz respektéiert gëtt.

4.7 E klengen Denkestouss

D'Liicht Sprooch ass am Alldag manner visibel ewéi d'Standardsprooch. Dëst ass zum Beispill op Internetsäiten oder a Broschüren de Fall, wou de Standardtext d'office ugewise gëtt an den Text a Liichter Sprooch iwwer e Button oder e QR-Code ze fannen ass.

Et kéint een sech d'Fro stellen, ob een et net och ëmgedréint kéint maachen, fir der Liichter Sprooch méi eng grouss Visibilitéit ze ginn an esou méiglechst jidderengem den Zougang zu wichtige Informatiounen ze erliichteren.

Bibliografie

Bredel, Ursula / Maaß, Christiane (2016): **Ratgeber Leichte Sprache. Die wichtigsten Regeln und Empfehlungen für die Praxis.** Dudenverlag Berlin

Deutsche Gesellschaft für Leichte Sprache eG (2016): **Regelwerk für Leichte Sprache.**

DIN SPEC 33429:2025-03 (2025): **Empfehlungen für Deutsche Leichte Sprache.** DIN Media

Inclusion Europe (2009): **Informationen für alle: Europäische Regeln, wie man Informationen leicht lesbar und leicht verständlich macht.** Brüssel

Netzwerk Leichte Sprache e. V. (2022): **Die Regeln für Leichte Sprache.** Berlin

Formatioun

Klaro - Zentrum fir Liicht Sprooch an accessibel Kommunikatioun
(23.05.2024 / 20.06.2024): **Leicht zu lesen - Leicht zu verstehen. Informationen leicht verständlich schreiben.** <https://klaro.lu/leichte-sprache/regeln/>

Copyright Fotoen an Illustratiounen

Säit	Positioun	Copyright
S. 1	Mëtt	© SIP
S. 1	ënnen lénks	© ZLS
S. 8	ganz Säit	© SIP
S. 9	ganz Säit	© SIP
S. 31	ganz Säit	© SIP
S. 43	eenzegt Bild	© SIP
S. 47	ganz Säit	© SIP
S. 49	lénks	© Robert Wilson / Adobe Stock
S. 49	Mëtt	© Francois Poirier / Adobe Stock
S. 49	riets	© SIP
S. 50	uewen lénks	© LMIH / LFT ASchösser
S. 50	uewen riets	© LMIH / Kachen / Marc Dostert
S. 50	Mëtt lénks	© SIP / Bild mat Hëllef vu KI generéiert (Gemini)
S. 50	Mëtt riets	© Zerbor / Adobe Stock
S. 50	ënnen lénks	© Trevor Parker Photo / Adobe Stock
S. 50	ënnen riets	© Trevor Parker Photo / Adobe Stock
S. 51	uewen lénks	© Colorfuel Studio / Adobe Stock
S. 51	uewen riets	© StratfordProductions / Adobe Stock
S. 51	Mëtt riets	© Cobalt / Adobe Stock
S. 52	ganz Säit	© SIP
S. 53	ganz Säit	© SIP
S. 54	uewen	© Chambre des députés - CC BY-ND 2.0
S. 56	uewen	© SIP / Bild mat Hëllef vu KI generéiert (Gemini)
S. 56	Mëtt	© barneyboogles / Adobe Stock
S. 57	eenzegt Bild	© European Easy-to-Read Logo: Inclusion Europe

Impressum

Erausgi vum:

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch
163, rue du Kiem
L-8030 Strassen
(+352) 247-88600

info@zls.etat.lu
www.zls.lu

Layout an Design:

Informatiouns- a Pressedéngscht
vun der Regierung

Mee 2026

D'Publikatioun „Liicht Sprooch Lëtzebuergesch“ gouf ausgeschafft a Kollaboratioun mat
dëse Partner:

- Klaro – Zentrum fir Liicht Sprooch an accessibel Kommunikatioun
- Atelier isie
- Atelier Fieder-Liicht
- Akzent – Zenter fir accessibel Kommunikatioun
- APEMH
- Biergerpakt
- Centre pour le développement des compétences relatives à la vue
- Centre pour le développement intellectuel
- Centre pour l'égalité de traitement
- Info-Handicap
- Kommissär fir d'Lëtzebuenger Sprooch, Pierre Reding
- Kulturministère
- Ministère fir Digitaliséierung
- Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
- Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil
(Centre de la communication accessible à tous, Plan d'action handicap)
- Op der Schock – Société coopérative

D'Recommandatioune goufen an der Praxis getest vum Claude Karger, Kim Hermes,
Myriam Theissen, Sara De Almeida a Stéphanie Feidt.